N°138
Entrée le 28.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.12.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie, Bildung, Kanner a Jugend & Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

A menger parlamentarescher Fro n°6243 wollt ech wëssen, firwat de Busparking beim Lycée Mathias Adam (Kadasterparzell 933/4221) zu Péiteng ausserhalb vun de Schülertransportzäiten a Schoulstonnen dee gréissten Deel vum Dag an och weekends eidel steet a fir keng aner Zwecker genotzt gëtt. Grad fir den RGTR wier dës Plaz vu groussem Notzen, well wéineg Plazen an der Gemeng existéieren, wou d'Buschaufferen hir Pause kënne maachen.

An der Äntwert haten d'Ministeren geschriwwen, dass de Busparking och eng Aire de Rassemblement ass, fir 1800 Schüler am Fall vun engem Feieralarm z'evakuéieren an dass et dofir net virstellbar wier, fir dës Plaz aanechters ze notzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kënne sech d'Ministere virstellen, dass de Parking kéint genotzt ginn, wann déi 1800 Schüler:innen keng Schoul hunn, zum Beispill 52 Weekender am Joer, 3 Méint Schoulvakanzen d'Joer, ausserhalb vun de Schoulzäiten, etc.)?
   A wier et virstellbar, fir dëst an enger Konventioun mat de betraffene Busfirmae festzehalen?

2. Ass ugeduecht, fir de Parking hei mat Solaranlagen z'iwwerdaachen? Falls jo, bis wéini soll dëse Projet realiséiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an op d'parlamentaresch Fro n° 138 vum 28. Dezember 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

1. **Kënne sech d'Ministere virstellen, dass de Parking kéint genotzt ginn, wann déi 1800 Schüler:innen keng Schoul hunn, zum Beispill 52 Weekender am Joer, 3 Méint Schoulvakanzen d'Joer, ausserhalb vun de Schoulzäiten, etc.)? A wier et virstellbar, fir dëst an enger Konventioun mat de betraffene Busfirmae festzehalen?**

Déi RGTR-Linnen déi géifen a Fro kommen, fir bei de Lycée Mathias Adam waarden ze goen, hunn aktuell hiren Terminus op der Gare vu Rodange, déi aktuell fir 107,5 Milliounen Euro moderniséiert gëtt. Op dëser Plaz ass d'Infrastruktur dem Besoin u Waardeplazen ugepasst, déi gebraucht ginn. Zousätzlech Waardeplazen sinn aktuell also net néideg.

2. **Ass ugeduecht, fir de Parking hei mat Solaranlagen z'iwwerdaachen? Falls jo, bis wéini soll dëse Projet realiséiert ginn?**

Um Gebai vum Lycée Mathias Adam ass aktuell eng Fotovoltaikanlag mat enger Leeschtung vu 54 kWp installéiert. Well op deem Site awer nach Daachflächen disponibel sinn, huet d'Verwaltung fir ëffentlech Bauten eng Etude an Optrag gi fir ze analyséieren op een nach weider PV-Panneaue kéint installéieren. De Busparking ass awer net zeréckbehale ginn, well d'Verschattung vun de Beem op deem Parking ze grouss ass an déi Beem och aus ökologesche Grënn erhale bleiwe sollen.

Generell ënnerstëtzt d'Regierung d'Approche fir versigelt Flächen (wéi zum Beispill Parkingen) mat Fotovoltaik-Panneauen ze iwwerdecken an analyséiert schrëttweis d'staatlech Site'n fir déi gëeegentste mat Fotovoltaikanlagen ze equipéieren.

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes